Epreuve Jeunes

am Biergemer Wee

Samschdeg, de 12. Juni 2021
op eiser Mountainbike-Piste am Biergemer Wee

Départ	Kategorie	Tier	Distanz
14.00 hrs	BAMBI 1 - Joergang 2015	2 (3)	1.100 m
	BAMBI 2 - Joergang 2014	3 (4)	1.650 m
	BAMBI 3 - Joergang 2013	4 (5)	2.200 m
15.15 hrs	BENJAMIN 1 - Joergang 2012	6 (7)	3.300 m
	BENJAMIN 2 - Joergang 2011	7 (8)	3.850 m

PARKING: Hall Polyvalent Schëffleng

COVID-19 Spezial:

D'Aschreiwunge mussen Online um Site vun FSCL gemaach ginn. Eng Aschreiwung op der Platz ass net méiglech. Net-lizenzéiert Fuerer si wéinst de Corona-Bestëmmungen net zougelooss.

Et gëllen « Recommandations sanitaires temporaires de la Direction de la Santé » Versioun vum 25.05.2021.

D'Coureure mussen en zertifiéierten negative Corona-Test virweisen fir dierfen un den Depart ze goen.

Accès op de Site, Lizenzkontroll a Waarmfuere fir d'BAMBI-Kategorien ab 13.30 Auer

Accès op de Site, Lizenzkontroll a Waarmfuere fir d'BENJAMIN-Kategorien ab 14.45 Auer

D'Klassementer ginn elektronesch um Site vun der LP07 publizéiert.

D'Begleeder an d'Coureure si gebieden de Site no de Course vun de jeeweilege Kategorien ze verloossen.

Um ganze Site gëllt **fir jiddereen Maskepflicht**, ausser fir déi Coureuren, déi sech grad Waarm- oder Course fueren.

Bei Manifestatiounen iwwer 10 Leit mussen d'Spectateure sëtzen. D'LP07 stellt ronderëm de Start-Ziel- Beräich Bänken op. Déi Leit, déi d'Course wëllen ausserhalb vun deem Beräich um Circuit kucke si gebieden sech e Stull matzebréngen.

Et ass kee Catering vum Organisateur virgesinn.

Persounen, déi COVID-19- Symptomer opweisen dierfen net deelhuelen. Dëst gëllt fir d'Athleten, hier Begleeder, Spectateuren an d'Leit vun der Organisatioun.